CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le
21 FEV. 2019
395

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert Verkéiersreglementer un Madamm Inneminister weiderzeginn.

D'Gemengen erloossen verschidden Verkéiersreglementer woubäi déi definitiv Verkéiersreglementer vum Inneminister mussen guttgeheescht ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un Madamm Inneminister riichten.

1) Wat sinn an der Reegel Délaien fir esou Reglementer vum Inneminister approuvéiert ze kréien ?

2) Wier et net ubruecht dës administrativ Démarchen z'iwwerschaffen an d'Prozeduren ze vereinfachen an ze verkierzen ?

3) Wier et net ubruecht den zoustännege Service am Inneministère personnell opzestocken ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Marc Lies**
**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 29 mars 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
29 MARS 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°399 de l'honorable Député Marc Lies concernant les règlements de la circulation**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina BOFFERDING

**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Inneminister an dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Ufro n°399 vum Honorabelen Deputéierten Här Marc Lies**

D'parlamentaresch Ufro vum honorabelen Deputéierten Här Marc LIES bezitt sech op d'Delaie beim Inneministère fir d'Approbatioun vu Gemengeverkéiersreglementer.

Dës Verkéiersreglementer mussen, dem Artikel 5 vum Gesetz iwwer de Stroosseverkéier no, vum Minister fir Mobilitéit geneesou wéi vum Inneminister approuvéiert ginn, ier se kënnen a Kraaft trieden.

Duerch déi gemeinsam Circulaire n°3412 vum 7. November 2016, hunn dës Ministeren d'Initiativ geholl fir d'Prozedur ze vereinfachen an d'Delaien ze verkierzen.

Sou kënnen d'Gemengen hir Verkéiersreglementer elo direkt un de Minister fir Mobilitéit schécken, amplaz iwwer den Inneminister ze fueren. De Minister fir Mobilitéit consultéiert déi staatlech Verkéierskommissioun an hëlt dono seng Decisioun.

Wann d'Prozedur am Ministère fir Mobilitéit ofgeschloss ass, kritt den Inneminister den Dossier fir ze approuvéieren a schéckt en zréck op déi jeeweileg Gemeng. Den Delai hänkt natierlech och vun der Envergure vum Reglement of. Ausserdeem ginn et Phase wou grouss Quantitéite vu Reglementer beieneen an d'Prozedur ginn, wat natierlech Retarde mat sech bréngt.

D'Direction des affaires communales am Inneministère ass deelweis ëmstrukturéiert ginn, am Sënn vun enger méi séierer Evakuatioun vun Dossieren déi der administrativer Kontroll ënnerleien. Déi Kontroll wäert och am Kader vun der Refonte vum Gemengegesetz iwwerschafft an digitaliséiert ginn, wat Delaien nach weider wäert reduzéieren.